

Lëscht 4 



Walprogramm 2023

EEN ESCH **FIR EIS ALL**

Méi no! - Méi Sécherheet! - Méi Solidaritéit



*Version française
sur
esch.csv.lu*



EEN ESCH FIR EIS ALL

Léif Escherinnen an Escher,

Den 1. Januar 2023 waart där zu 36'612 Awunnerinnen an Awunner: 36'612 kléng a grouss Geschichten, 36'612 Ambassadricen an Ambassadeure fir eis Stad Esch!

Et ass eng Zuel, déi bedeitend méi symboliséiert ewéi eng einfach Opzielung vun Awunnerinnen an Awunner.

Si steet fir d'Villfalt u Mënschen, un Originnen, un Erfarungen, u Liewenspläng, un Idee'en an Dreem, déi an dëser Stad zesummefannen an d'Liewen an dëser Stad ausmaachen. Se dréckt aus, wat all Escherinnen an Escher matenaner verbënnt: hir Heemechtsstad.

D'CSV-Esch iwwerhëlt zanter sechs Verantwortung fir All Escher Biergerinnen a Bierger. Och déi nächst sechs Joer wëlle mir eis asetze fir eng liewenswäert, sécher a zukunftsfaeg Stad.

Mir wëllen och weiderhin Méi beweegen fir d'Stad Esch a seng Leit! Mir wëllen och weiderhin Méi beweegen fir d'Probleemer vun Haut ze léisen an d'Stad a seng Mënschen op d'Zukunft fir ze bereeden a fir de Moar ze stäerken.

Dofir engagéiere mir eis mat dësem Programm fir eng Politik:

-déi Méi no un de Mënschen ass!

-déi Jidderengem méi Sécherheet garantéiert!

-déi e Fundament fir méi Solidaritéit tëscht de Leit leet!

Eng Politik fir eis All, an engem Esch fir eis All!



Méi no! Méi beweegen!

Noen, bezuelbaren an ugepasste Wunnraum

Well d'Liewensqualitéit bei all Eenzelem doheem ufänkt, si mär der Meenung, dass all Escher*in en Urecht op Würdege a bezuelbare Wunnraum huet.

Virop setze mär op **subsidéierte Wunnraum** fir, dass jonk Escher*innen a Leit déi an eis Stad schaffe kommen, och hei zu engem faire Präis Propriétaire kenne ginn. Ähnlech ewéi an de Nonnewisen, wëlle mär als Stad Esch an mat de nationale Bauträger op der Metzschmelz Bauprojekte lancéieren. Och am bestoenden Esch kéinte Baulücke mat subsidéierte Wunnraum gefällt ginn.

Awer och **Privatinvestisseure** sollen zu Esch d'Méiglechkeet behale qualitativ héichwäerteg Wunnraum ze gestalten. De PAG, d'Bauterreglement an d'"Schémas directeurs" sollen hefir esou ugepasst ginn, dass se neien Iddien net onnéideg am Wee stinn. Eng Analyse an eng besser Informatioun iwwer d'Subside vun der Stad Esch fir d'Bauen oder Renovéierung sollen de Keefer ze gutt kommen. Eng **Ënnerstëtzung** fir d'Flächen iwwer de Geschäfte an der Uelzechtstrooss a Wunnengen ëmzewandele soll agefouert ginn.

D'Diversitéit vum Wunnraum wëlle mär an Esch erhalen. Et sollen esouwuel grouss Gebaier mat méi Wunnengen ewéi och **Eefamilljen-Haiser** weiderhin entstoe kennen.



Un deenen decidéierten Investissementer fir **nei Sozialwunnge**, ënner anerem op der Rouder Lens, hale mär fest, esou dass iwwer 300 nei Wunnenge fir d'Lokatioun (dorënner 126 Studentewunnengen) wäerte gebaut ginn. Bei all gréisserem neie Bau-Projet wëlle mär mat de Bauhären ofklären op d'Stad Esch, bei engem faire Präis, säi Locatiouns-Park erweidere kann. Zousätzlech wëlle mär konsequent eis ääler Sozialwunnenge renovéieren, esou dass keng méi eidel stoe muss. Eenzeg Ausnam sollen hei eenzel Wunnengen duerstellen, déi als Logements d'urgence genotzt wäerte ginn. Fir eng gutt Gestiou vum all dëse Wunnenge feiert kee Wee laanscht eng Nei-Opstellung vum de betraffene Gemengeservicer an eng Opwärtung vum ënner anerem dem Logement-Service.

D'Gestion Locative Sociale vum der Stad Esch wëlle mär ausbauen. Zousätzlech net-finanziell Ureizer kenne mär den Propriétaires vum elengstoendem Wunnraum heifir ubidden.

Nei Wunnformen ewéi zum Beispill d'intergenerationellt Zesummewunne wëlle mär ënnerstëtzen. Eng Analyse vum Escher Terrain soll préiwe wou en Tiny-House-Projet, eventuell och nëmme fir eng zäitweis Notzung, kéint entwéckelt ginn.

Bildung a Betreierung déi no un de Famille-Situatiounen ass

Den Zougang zu engem gudde Bildungssystem, deem all Forme vum der Bildung ëmfaasst, erméiglecht d'Entfaltung an d'Förderung vum den individuellen Talenter, d'aktiivt Deelhuelen um gesellschaftleche Liewen, besser Chancen um Aarbechtsmarché an eng Weiderentwécklung vum der Gesellschaft. D'Escher CSV ass am Moment an der Verantwortung de Schoulalldag vum 3172 Escher Schoulkanner an de Betreierungsalldag vum 1450 Escher Kanner mat ze gestallten. Eis Viraussetzung heibäi ass, dass all Escher Kand e Recht op déi beschtméiglech Ausbildung an déi beschtméiglech ausserschoulesch Betreierung huet, an dass Integratioun a Chancëgläichheet fir all Escher Kanner musse garantéiert sinn.

An deem Sënn huet déi Escher CSV konsequent an neie Schoulraum investéiert a Renovatiounsaarbechte vum eelere Schoulgebaier lancéiert. Zukunftsweisend pedagogesch Projete goufen ënnerstëtzt an ausgebaut. En iwwer Joren ugesammelte Retard beim informatésche Material gouf benannt, an en Joresplang fir eis Schoulen informatéisch fit ze maachen, opgestallt.

Éichtklassech Infrastrukture

D'CSV Esch well weider a **Schoulraum investéieren**: déi geplangte Schoul op der Rouder Lëns an dräi weider Grondschoulen am Quartier Metzschmelz musse gebaut ginn. An dësem neie Quartier kenne mär eis och en véiert Schoulgebaier fir eng international Schoul virstellen. Des weidere gehéiert eng zweet Quartier-Schoul an d'Nonnewisen. All des Gebaier mussen no modernste Standarde gebaut ginn, déi passend Sportinfrastrukturen an eng integréiert Maison Relais hunn. Entitéite mat enger Gréisst vu maximal 350-450 Kanner erméiglechen en kannerfrëndleche Raum, an deem all Kand ka matgeholl ginn.



Fir ze vermeiden, dass Escher Kanner mat besonnesche Schwieregkeeten oder Beanträchteegungen all Dag laang Bustrajeten op sech huele mussen, wëlle mir och weider **Kompetenz-Zentren** mat Raimlechkeeten an dësen neie Gebaier ubidden. Esou schafe mir den ënnerstëtzende Kader, fir all Kand eng beschtméiglech Fërderung vun hire Talenter e bidden an Inclusioun am Alldag ze liewen.

Beim bestoende Schoulraum musse grad **Renovatiouns-Aarbechten** an de Zentrum-Schoule geplangt an ëmgesat ginn. Et soll och eng Analysen, mat Abannung vun de Kanner selwer, vun allen bestoende Schoulhëff gemaach ginn, fir des méi kannerfrëndlech a genderegerecht ze gestallten. De Projet „**séchere Schoulwee**“, deen d’Kanner als aktiven Acteur an der Mobilitéit abënnt, soll fortgesat gi bis d’Analysen an Adaptatiounen fir all eenzelt Schoulgebai ofgeschloss sinn.

Eng beschtméiglech Virbereedung

Den opgestallten Investitiounsplang fir **informatesch Material** fir all eis Schoule muss konsequent ëmgesat ginn, fir eise Kanner de Goût an d’Kenntnesser vun der Digitalisatioun kennen ze vermëttelen. No enger éischter Demande ouni Retour, wäerte mir dem Educatiouns-Ministère eng weider Kéier proposéiere e gemeinsame Projet op d’Been ze stellen, fir zesummen all Schoulkand an den héije Cyclen den Accès op en I-Pad ze garantéieren.

Nodeems mär d'Bëschklasse fir ganz Esch opgemaach hunn an op de Cycle 2 erweidert hunn, gëllt et eng schnell Analyse vun dësem Prozess ze maachen. Mär klären d'Méiglechkeet weider **Bëschklassen**, och an anere Quartieren, un ze bidden. D'Offer vun der Naturerzéihung fir all Escher Kanner wëlle mär ausbauen. Déi konzeptuell Zesummenaarbecht tëschent eisen dräi Siten, muss heifir verdéift a Personal heifir bereet gestallt ginn. Zu Ënsber soll, déi vun eis duerch en Educateur verstärkten, Ekipp de wonnerbare Site pedagogesch frësch beliewen.

D'CSV-Esch seet sech oppe fir weider **pedagogesch Pilotprojeten** a Pilotklassen, déi eisen Escher Kanner méi Chancë fir d'Zukunft erméiglechen. Enner anerem setze mär eis fir de Lancement vun engem Pilotprojet vu Sportklassen am Enseignement Fondamental zu Esch an. Mär froen och weiderhin de zoustänneg Ministère no engem klore Bilan vun der Ganzdags-Schoul.

Fir d'Zesummenaarbecht tëschent der formaler an der non-formaler Bildung ze förderen, etabléiere mär bei neie Schoulen e **gemeinsamt pedagogesch Konzept** vun de Schoulen an den zougehéirege Maison Relais. Déi bestoend Entitéiten encouragéiere mär dëst no ze huelen. Fir dëst ze erméigleche soll d'Schoul an d'Maison Relais-Organisatioun besser openeen ofgestëmmt ginn.

Förderung och ausserhalb vun der Schoul

Kanner mat deene verschiddensten Hannergrënn, kréien an de Maison Relais vun der Stad d'Méiglechkeet sech ënnerstëtzt fräi entwéckelen ze kennen. Duerch d'Plangen an d'Kreatioun vun iwwer 600 **Maison Relais-Plazen** a 6 Joer, enger Hausse vun em déi 60% par Rapport zu 2017, konnte mär méi Kanner eng Chaise ubidden an esou d'Waardelëschte kierzen. Et gëllt weider Accueil-Strukturen ze realiséieren, fir den iwwer jorzéngten ugesammelte Retard op ze schaffen, an esou eng passend Offer fir all Escher Famillen an eiser Stad kennen un ze bidden, fir dass keng Famill méi op eng Plaz muss waarden.

Eng weider kllassesch Maison Relais gehéiert dofir, ënner anerem, an de Quartier Lalleng.

Duerch déi net komplett duerchduechten national Changementer an der Kannerbetreuung goufe vill Eltere virun e Choix tëschent dem Précoce oder der Crèche gestallt. Fir op d'Situatioun vun dëse jonke Famille kennen ze reagéieren, musste bei all neie Struktur **Chaisen fir Précoce-Kanner** virgesi ginn. Eng Analyse soll kläre wéi a wou kuerzfristeg Précoce-Chaisen, zum Beispill och an temporäre Strukturen, kenne „en place“ gesat ginn.

Programmatesch solle Résilience-Aktivitéiten d'Kanner ënnerstëtzen hire Emotiounen, hire Stress, hir Konzentratioun, etc. besser ze kontrolléieren.

Fir verschidde Famille stellen **Dagesmammen**, mat hire méi kléngen a familiäre Kannergruppen, eng passend Alternativ zu de Strukturen duer. No éischter Forme vun Ënnerstëtzung, wëlle mär weider Schrëtt op sinn duergoen an zum Beispill Ënnerstëtzung bei pedagogeschen Aktivitéiten ubidden. D'Stad Esch muss sech och méi oppen a manner administrativ par Rapport zu Projete vu Crèchë verhalten, fir dass Des net aus eise Quartiere verschwannen; genee ewéi d'Stad Esch och hir Offer an de Gemengen-Crèchë muss ausbauen.

D'Offer vun der **Hausaufgaben-Hellef** soll flächendeckend entweder mat Annexë vun der Maison des citoyens oder Partneren ugebuede ginn.

Nodeems en éischt **Internat** fir Jonker seng Dieren zu Esch opgemaach huet, wëlle mär mat sozialen Träger d'Méiglechkeete klären, e weidert Internat, och fir e méi jonke Public, an eis Stad ze kréien.

Bildungslandschafte opbauen

Nieft der formaler Bildung (Schoul) an der non-formaler Bildung (Maison Relais, Veräiner), ass et och der Stad Esch hir Missioun den Escher Kanner e frëndleche Raum fir déi informal Bildung (Famill, Emfeld) an well Bildung (Frenn, Emgéigend) ze gestallten, respektiv ze iwwerloossen. Servicer, Veräiner, kannerfrëndlech Infrastrukturen, Spillplazen, Naturräim, etc. müssen dofir konsequent hir Wichtigkeet an der Konzeptgestaltung a Plaz an eiser Stadgestaltung kréien.

An dësem Sënn solle mat Hëllef vun de Kanner an allen Acteuren an der Kanner-Aarbecht, pro Quartier, **Bildungslandschaften** opgebaut, kartographéiert a vernetzt ginn. No éischte Resultater am Quartier Brill, soll de „**Design for change**“-Projet et no an no allen Escher Kanner, an hiren Elteren, erméiglechen Iddien, Léisungen a Wënsch fir e méi kanner_ a familljefrëndlecht Esch ze formuléieren. E „**Kanner-Büro**“ soll seng Plaz am Zentrum kréien an hei spezifesch iwwer d'Offere fir Kanner a Famillen informéieren. Hien soll heinieft d'Ëmsetzung vun de Resultater aus dem participative Projet begleeden.

E Commerce deen no um Bierger ass

D'Uelzechtstrooss, an déi et och nach Haut all Dag e sëllege Mënsche vun Esch an ausserhalb zitt, ass a bleift d'Visittekarte vun eiser Stad. Eise Stad-Zentrum läit der Escher CSV dofir besonnesch um Häerz. Mär wëllen Alles dofir maachen, dass d'Leit gären hei hir Zäit genéissen. Konkret muss op der enger Säit de Raum dofir agreabel an aluedend gestallt sinn; op der anerer Säit muss de Leit hei e flotte Moment gebuede ginn.

Heifir ziele mär dofir op eise **lokale Commerce**, deen d'CSV mat alle méigleche Moyenen ënnerstëtze wäert. Genoe ewéi schonn an der viregter Mandatsperiod, an deier eng Rëtsch vun eisen Initiativen ewéi z.B. De Pop-Up-Store oder de Projet Claire an der Koalitioun konnten ëmgesat ginn.

Am Concours fir d'**Revalorisatioun vun der Uelzechtstrooss**, bei deem och de President vum Geschäftsverband am Jury war, ass en neit raimlech Konzept fir eise Stadkär decidéiert ginn. De Gewënner-Projet wëlle mär ëmsetzen an der Uelzechtstrooss an och hire Niewestroossen en neit a méi accueillant Gesicht ginn.

Bei der Ëmsetzung wëlle mär eng **homogen Approche ewéi an engem Shopping-Center** applizéieren. Heizou gehéieren en aluedenden urbane Mobilier, eng Geschäfts-Signalisatioun, Spill-Elementer fir Kanner, etc., ewéi och d'Integratioun vun enger Conciergerie an der Entwécklung vun engem Hub fir d'Ofhuele vu Commanden a Livraisounen.

Dat bedeit fir eis och, dass d'Stad selwer muss **Propriétaire vun eenzele Geschäfts- a Bürosflächen** am Zentrum muss ginn, fir dës Lokaler mat interessanten a feelenden Offeren ze fëllen. D'Konzept fir als Stad Geschäftsflächen un ze lounen an se favorabel weider ze verlounen, wëlle mär ausbauen. Fir Béides muss d'Stad Esch sech en pluriannuelle Fonds uleeën, deen iwwerluecht a reaktiv kann agéieren.

De frësch opgestallten **Département Développement économique** iwwerhëlt hei eng Schlësselroll. Ekonomesch Visitten an d'Ausland an d'Participatioun op secteur-spezifesch Foirë sollen erméiglechen interessant Geschäfte op Esch ze zéien. Donieft proposéiert d'CSV d'Organisatioun vu **sektorielle Foirën** zu Esch an engem reegelméissegem Escher **ekonomesche Forum** fir d'Stärkte vun der Stad an der aktueller Geschäftswelt ze promovéieren. An d'Débâten iwwer den Escher Commerce sollen och weider Acteuren, ewéi zum Beispill d'Uni- an d'Studentevertrieder agebonne ginn.

D'Escher Geschäftswelt huet mam **Geschäftsverband** e Porte-Parole op deen d'Stad Esch ziele kann. Den Echange mat dem Département Développement économique soll ausgebaut ginn. Genée ewéi d'Garantie mussen bestoen, dass d'Stad Esch Initiativë vum Geschäftsverband finanziell a materiell ënnerstëtzt. Mär zielen och op de Geschäftsverband fir d'Entwécklung vun enger **Charte vum Escher Commerce**. Der CSV hir Iddi fir eng Zort **"Expert-Coach"-System** fir nei Escher Geschäftsleit op d'Been ze stellen, soll mat den interesséierten Acteuren diskutéiert ginn.



D'Geschäftswelt an den Escher HORECA sollen och an eis **Tourismus-Strategie** agebonne ginn. Zum Beispill mat neien Circuit pédestres, ewéi engem circuit gourmand, deen net nëmme laanscht mee an d'Geschäfte/Restaurants/Bare féiert. Sektoriell Prospekter mat integréierten Aktiounen fir Touristen sinn eng weider Méiglechkeet. Genée ewéi d'Entwécklung vun enger **Escher "Mark"** fir vun Escher produziéierte Produiten. En alljäreliche Festival vun der Gastronomie an der Pâtisserie an en Escher Qualitéitslabel sollen eis héichwäerteg Offer promovéieren. D'CSV wëll schlussendlech **Assises du tourisme** organiséieren, fir weider Pisten ze entwéckelen.

Mär wëllen och **méi Terrassen** an eiser Stad erméiglechen an Zonen definéieren an deenen eng **Offer vu Nuetsliewe** kann entstoen. Genée ewéi mär beméie wëll fir op mannst nach ee weideren **héichwäertegen Hotel** op Esch ze zéien.

Déi eidelstoend Flächen iwwer de Lokaler erkennt d'CSV als **méiglech Bürofläch**, zum Beispill fir nei **Indépendanten oder Start-Up'en**. Awer och Co-Working-Espacen oder Büroe fir akademesch Projete kéinten hei hiert Doheem kréien. Op der enger Säit sollen d'Propriétaires heivunner d'Ënnerstëtzung vun der Stad kréien, dës Flächen em ze gestallten. Op der anerer Säit soll eng Zesummenaarbecht mat Partneren ewéi der Uni, den Héich-Schoulen, der Chambre de Commerce, etc méiglech Kandidaten heifir ervirbréngen.

No Aarbechtsplaze schafen

Esch ass op nationalem a regionalem, an och an der Groussregioun, en Zentrum vun der Aarbecht. Trotzdeem bleift de Chômage-Taux bei eis stabil héich an aus dem Rapport n°2 vum Escher Observatoire Social geet allerdéngs ervir, dass nëmme ronn 13,5% vun den Escher*innen op den iwwer 34'000 hei zu Esch bestoenden Aarbechtsplaze schaffen.

Well grad d'Handwierk an d'Produktioun fir vill Escher*inne reell Opportunitéite bidden, well d'CSV garantéieren, dass Betriber aus dese Secteuren der Stad Esch net de Réck dréinen an nei Entreprises de Wee heihi fannen. Mat de Moyenen déi der Stad gi sinn, wëlle mär dozou bäidroen, dass den **Handwierkerhaff**, fir deen zwee Standuerter fonnt goufen, Realitéit gëtt.

Eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat den Escher Betriber, zum Beispill mat gemeinsame Campagen, soll och dozou bäidroen, dass d'**Handwierk an d'Produktioun** erëm dee Stelleväert kréien deen se verdéngt hunn. Heizou gehéiert och, dass mär als Gemeng Ausbildungsplazen ubidden a Schnupperdeeg an eise Services ubidden. Fir eng Zesummenaarbecht mat de Schoule kéint d'Gemeng de Formateuren eenzel Haiser oder Wunnengen zur Verfügung stellen, wann si des fir praktesch Coursë brauchen.

Op weidere Siten, ewéi zum Beispill dem ze erschléissende Crassier Terres Rouges, awer och innerhalb vum bestoende Stadbild, soll Plaz fir Betriber geschaf ginn. Dat andeems mär am PAG nei Zonë virgesinn an deenen e modernt Wunnen a Produziéiere mateneen ze vereene sinn.

Mär wëllen hei oppen a proaktiv op **nei potenziell Betriber** zougoin. Keng Partei-Ideologie soll interessant an ugepassten Arbeitsplätze fir Escher*inne verhënneren. Den erofgesaten Impot Commercial Communal wäerte mär an dësem Sënn och net hiewen.

Ronderëm d'Uni soll de Pole vun der **Recherche an der Innovatioun** weiderentwéckelt ginn. Ronderëm dat zukünftegt Südspidol muss e Pole vun der Gesondheet an der Medezin entstoën. Och d'Entwécklung op der Metzschmelz an de Rouder Lens bitt nei Chancen. Nieft dem Handwierkerhaff sollen Espace fir Showrooms als modern Form vum Marketing an der Vente virgesi ginn. **Büro-Fläch** soll Societéiten an Administratiounen ze gutt kommen.

De CIGL a weider Acteurs vum **sozialen Aarbechtsmarché** wëlle mär weider ënnerstëtzen. Eng gutt Zesummenaarbecht bei verschiddene Projet tëscht dësen Acteurs, der Gemeng an de Privatbetriber, kann eng Chance fir motivéiert Personal duerstellen.

Digitalisatioun notze fir nei a no Weeër

Als eng vun den eenzege Gemengen am Land huet Esch en Informatikservice. Si sinn zoustänneg, fir dass d'Informatikinfrastruktur vun der Gemeng irreprochabel funktionéiert an en gereegelten Oflaf an den techneschen an administrative Beräicher geséichert ass.

D'digital Landschaft entwéckelt sech nonstop weider a stellt ëmmer méi grouss Erausforderunge fir eis gesellschaftlech Liewen duer. D'Notzung vun digitale Services ass essentiel an eisem Liewe ginn a gehéiert zu enger moderner a weiderdenkender Welt dozou.



Mär als Escher CSV sinn der Iwwerzeegung, dass et wichtig ass, dass dës Service weider developpéiert gëtt a muss um Neiste Stand bleiwen. Mär setzen eis dofir an, fir dass de **Service Informatique all Moyen** huet, fir hir Aufgaben sou gutt et geet ze meeschteren.

Eng modern Gemeng heescht och eng adaptéiert Upassung un **nei Prozesser**. Dofir brauche mer e forméiert Personal, dat sech an de Beräicher vun der Informatik auskennt. D'Weiderbildung vun eisen Informatiker leit eis dofir besonnesch um Härz.

E **modernt neit Gebai** fir eise Service Informatique ass eng Prioritéit. D'Escher CSV wäert sech dofir asetzen, fir eng modern an adaptéiert Infrastruktur ze fannen.

Den Ausbau vun **Esch TV** muss weider entwéckelt ginn. A mir wëllen eng Etude maache loossen, fir dass eis Gemengeservicer méi no bei den Escher Bierger bruecht ginn. E neien Escher Tëleesprogramm, fir Esch ze promouvieren ass eng weider Erausfuerderung, där mir eis gären unhuelen.

D'Entwécklung vun eiser Internetsite ass eng éiweg Baustell, op där andauernd geschafft muss ginn. Den **Onlinedingscht** gëtt dohier erweidert an och nei zousätzlech **Informationsbornen** an den Escher Quartiere soll den Awiner all néideg Informatiounen fannen.

Der Escher CSV ass et wichtig, fir mat der **Universitéit** an och mam Département DLH (**Digital Learning Hub**) um Quartier Universitéit zesammenzeschaffen. Et ass eis wichtig, dass eis Escher Matbierger all Moyen hunn, fir sech digital weider ze entwéckelen a virun allem sollen déi Jonk d'Chance kréien sech doranner forméieren ze kennen.

D'**Smart-City** ass d'Zil. D'Méiglechkeeten vun der Digitalisatioun wäerte mär notzen fir schon Haut d'Liewen vun den Escher*innen ze vereinfachen an eis op zukünfteg Erausfuerderung fir ze bereeden.

Eng Administratioun déi no un de Bierger ass

E vun de gréisste Patronen um Escher Territoire ass Gemeng Esch. D'Astellungspolitik huet sech an deene leschte Jore staark verännert. Eng qualitativ besser Struktur ass eis gelongen. D'CSV ass sech bewusst, dass si viru groussen Erausfuerderungen am Beräich vun der Administratioun_ an der Personalpolitik steet. Erausfuerderungen deene mär eis am Sënn vum **performanten Déngscht un allen Escher*inne** wëlle stellen. CSV versteet déi nei **modern Aarbechtswelt** a si ass bereet dës Wee anzeschloen an op där an Zukunft opzebauen.

D'Stad Esch zielt am Moment ronn 1500 Leit, déi fir d'Gemeng schaffen. Bei 5 verschiddene **Personalstatuten** ass dat eng alldeeglech Erausfuerderung, fir en harmonescht Mateneen ze garantéieren. Dat wëlle mer weiderhin ënnerstëtzen an erhalen.

D'Escher CSV wäert awer an der aler Traditioun bleiwen a **net op de Wee goen, fir d'Aarbechten outzesourcen**. Mä wëllen weiderhin eis Responsabilitéit iwwerhuelen. Mä wëlle sécher Aarbechtsplazen offréieren, déi de Leit d'Méiglechkeet gi fir hir Zukunft laangfristeg ze plangen.

Ënnert eiser Leedung huet Esch an der leschter Legislaturperiode 42 **TUC-Mesure-Ugestallten** (Revis) an den Effektiv vun der Escher Gemeng opgeholl a fest agestellt. Mä wëlle weider ob deem Wee bleiwen an zesumme mat eise Servicer kucken, wou mä weider Leit iwwer dese Wee astelle kënnen.

D'**Formatioun** vun all eise Leit leit eis immens um Häerz an d'Escher CSV wäert sech asetzen, fir eise Leit déi néideg Formatioun ze offréieren, fir hir Aarbecht professionell a virun allem sécher kënnen ze maachen.

Mä schloen och fir en generellen **Secherheetsaudit** ze maachen, fir ob eventuell Mängel an Verbesserungsproposen ze reagéieren.

De „**Bien-être au travail**“ an d'Work-Life Balance spillt ëmmer méi eng wichteg Roll a mä wäerten eis als CSV, dofir asetze fir heirobber anzegoen. Eng Cellule psycho-sociale soll eisen Ugestallten zur Säit stoen fir dëse Bien-etre ze schafen an de Gedanken an eis Aarbechtsprozesser ze integréieren.

De **sozialen Dialog** ass fir eis eng Prioritéit an d'Basis fir e gutt Zesummeschaffen an e gutt Zesummeliwwen an eiser Administratioun. Mä wëllen de Sozialdialog dofir weider ausbauen a sämtlech Beräicher mateneen diskutéieren an ugoen. D'**Informatiounspolitik**, intern an extern, muss och an dësem Sënn weider viru gedriwwe ginn, fir dat all eis Mataarbechter um neiste Stand si vun den Informatiounen, déi si brauchen, fir hir Aarbechte fir d'Escher Bierger beschtméiglech kënnen ze maachen.

D'**Mairie technique** ass eng Prioritéit. Eng Analyse soll gemaach ginn, wéi eng nei Infrastruktur kéint ausgesinn a wéi een se misst notzen, fir all déi betraffe Mataarbechter zesummen ënnert een Dach ze bréngen. Mä sollen hei op de Wee goe fir e modernt, energieeffizient a praktescht Gebai ze bauen oder och am Fall wou et ze kafen.

Méi no! Méi Sécherheet!

E séchert Esch fir all eis Bierger*innen

D'Sécherheet vun allen Escherinnen an Escher awer och deene Leit déi op Esch komme fir akafen a schaffen ze kommen, fir iessen ze goen oder einfach fir eng flott Zäit zu Esch ze hunn, ass der CSV immens wichteg. Aus deem Grond gouff ënnert eiser Leedung, no iwwer 20 Joer, och een neie **Plan local de sécurité** ausgeschafft. 16 intern Servicer an 6 extern Partner hunn zesumme mat der Police 90 Mesuren proposéiert. 49 Moosnamen wäerte mär, ouni Kompromëss, an deene nächste 6 Joeren emsetzen. Dat an de 4 Haaptachsen:

- géint Incivilitéite virgoen
- Präventiounsaarbecht
- Mesurë fir d'Onsécherheetsgefill ze reduzéieren
- Verkéierssécherheet

Fir d'Strofdooten opzeklären awer och fir dat subjektivt Sécherheetsgefill ze stärke setzt sech d'CSV fir eng méi wéi noutwendeg awer och verhältnisméisseg **Kameraiwwerwaachung** an. Dës Kameraiwwerwaachung soll an enger éischer Phase op 8 verschiddene Plazen zu Esch funktionéieren (Stadhausplaz, Busgare, Brillplaz, Place Boltgen, Place St. Michel, rue St. Vincent, rue Z. Bernard an d'Uelzechtstrooss).

D'Sécherheet zu Esch ass net nëmmen eng Kameraiwwerwaachung mee vill méi! D'Kameraiwwerwaachung ass ee Puzzelstéck vun deem Ganzen. Der CSV no muss och de **Service Streetwork** ausgebaut gi fir, dass déi Leit déi op de Streetwork zrëckgräifen och d'Méiglechkeet kréien dat ze machen a sech net selwer iwwerlooss bleiwen.

Och eng verbessert a **performant Beliichtung** vun den Escher Stroossen a Plazen hëlleft d'Strofdooten ze reduzéieren oder ze verhënneren. Genee ewéi och eng **konsquent Hygiène-Politik**, déi keng knaschteg Ecker fir sech ze isoléieren méi bitt an d'"Bespillung" vun ëffentleche Plazen.

Dee neie Plan local de sécurité wäert och net wéi bei de vireschte Koalitiounen 20 Joer am Tirang verschwannen, mee et wäert konstant dru geschafft ginn an déi néideg Adaptatiounen wäerte virgeholl ginn.

Dee neie Plan local de sécurité wäert och net wéi bei de vireschte Koalitiounen 20 Joer am Tirang verschwannen, mee et wäert konstant dru geschafft ginn an déi néideg Adaptatiounen wäerte virgeholl ginn.



Fir awer d'Sécherheet vun eise Biergerinnen a Bierger, an de Leit déi op Esch kommen, ze garantéiere setzt sech déi Escher CSV, genee wéi d'CSV Fraktioun an der Chamber, dofir an dass d'Gemengen eng „**Police municipale**“ an deenen nächste Jore kréien. Eng Gemeengepolice, déi dem Buergermeeschter an dem Schäfferot ënnersteet, a vill méi séier a gezielt kann agräife wéi d'Police Grand-Ducale. Mat sou enger neier Police, déi virun allem no um Bierger ass, kann d'Police Grand-Ducale bei hiirer Aarbecht och nach entlaascht ginn.

D'Ausschaffe vun enger **Handy Applikatioun** wou de Bierger der Police oder der Police municipale, d'Period ugëtt wou en an der Vakanz ass oder opfälleg Observatiounen matdeele kann, ass eng weider Iddi vun der Escher CSV.

D'Sécherheet ass a bleift fir d'CSV Esch eng Hauptprioritéit fir d'Politik vun deenen nächste Joren! Well Sécherheet heescht och Gebuergeheet a genee dat ass d'Uleies vun der Escher CSV fir eis Biergerinnen a Bierger. Egal ob jonk oder al.

E Mobilitéitskonzept fir sécher Weeër

De **Plan local de mobilité** ass Enn Abrëll dëst Joer am Gemengerot an an der Presse virgestallt ginn. Dëse Plang ass op Basis vum Plan national de mobilité ausgeschafft ginn mam Horizont 2035.

An dësem lokale Mobilitéitsplang vun der Stad Esch ginn déi 5 Schlüsselementer vun der zukünfteger Mobilitéit zu Esch beschriwwen:

Dat ass als Alleréischte de **Foussgänger**, deen zu Esch eng ganz wichteg Roll anhëlt. Zu Fouss kann ee bei eis zu Esch nämlech bal alles machen. Mä hunn eng kompakt Stad a mam **Foussgängerleitsystem** fënnt och een Net-Escher sech ganz séier rëm a kann sech esou ganz séier awer och sécher vun engem Punkt zu engem anere beweegen.

Fir d'Sécherheet vum Foussgänger wäerten zu Esch konsequent all **Foussgängeriwwegäng optimal beliicht** ginn.

Och déi Escher Schoulkanner mussen sécher an d'Schoul kommen a natierlech och rëm heem. Aus deem Grond ass et eng Prioritéit vun der Escher CSV de Projet „**séchere Schoulwee**“ bei allen Escher Grondschoulen ze garantéieren.

Behënnert Leit hu scho vill Problemer am Alldag a bei der Fortbeweegung duerch Esch däerfen si op kee Fall op oniwwerbréckbar Hindernisser treffen. Dofir ass et wichteg dass **Esch barrièrefräi gëtt**. Een Esch fir eis all.

Dee nächste Acteur am Verkéier ass de **Vëlofuerer**, dee net nëmmen zu Esch mee och iwwerall soss an deene leschte Joren eng ëmmer méi grouss Roll spillt. D'CSV Esch wëll an deenen nächste Joren och verstärkt op dës Entwécklung reagéieren a virun allem de **Reseau vun de Vëlosweeër** ausbauen. Donieft sollen déi aktuell Weeër weiderentwéckelt a verbessert ginn.

Fir awer jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn sech mam Vëlo fortzebeweegen, ass et noutwendeg de **Vël'OK System** auszubauen an ze moderniséieren. Fir de Confort vun de Vëlofuerer awer och d'Sécherheet wäerten an deenen nächste Jore weider **Escher M-Boxen a Vëlosstänneren** installéiert ginn.

Fir eis Kanner a Jugendlecher awer och fir Eeleren wäert zäitno um Plateau Barbourg ee **Verkéiersgaart**, dee fir jiddereen accessibel ass, entstoe fir dass jiddereen déi richteg Technik an d'Verkéiersregele léiert.

Eng weider Measure, déi souwuel de Cyclist schützt awer och de Vitesseproblem an de Quartier'en wäert reduzéieren, ass déi baulech Verengung vu verschiddene Stroossen. Op dësem Wee soll et do wou et méiglech ass zu enger Verkéiersberouegung kommen.

Den Zuch an den Tram weider wichteg Elementer vun enger zukunftsorientierter Mobilitéitspolitik. Den **Zuchverkéier** wäert sech an deenen nächste Joren zu Esch opgrond vun de neie Quartier'en „Roud Lëns“ a „Metzeschmelz“ weiderentwéckelen. De Service um Client/Benotzer wäert sech daitlech verbessern. Zesumme mat der CFL muss sech d'Stad Esch dofir asetzen dass déi zukünfteg Garen de Besoin'en vun de Leit wäerten entspriechen.

De **séieren Tram** gëtt eng wieder Verbindung an déi zwou Richtunge mat der Stad Lëtzebuerg. Den Tram wäert awer och de neie Quartier Metzschmelz ubannen a weider iwwer de Belval bis op Bieles fueren.

Den öffentlichen Transport muss weiter gefördert an ausgebaut gi fir de Verkéierschaos deen op de Lëtzebuerger Stroossen besteet, an de Grëff ze kréien. D'Stad Esch wäert sech weiderhin als stäerkste Partner am **interkommunale Syndicat TICE** fir ee modernen an zuverlässigen Transport en commun staark machen.

Esch soll sech an deenen nächste Jore stroosentechnesch verännern an den **Autosverkéier** domadder ëmmer méi aus dem Zentrum raushalen. De Projet „shared space“ um Boulevard J.F. Kennedy wäert no der kompletter Fäerdegstellung vun der Liaison Micheville an Ugrëff geholl a geplangt ginn. Den Asatz vu Modalfilteren (versenkbar Polleren) wäert verstärkt zum Asaz komme fir de Verkéier dohinner ze leede wou et Sënn mëscht.

Eng nei Organisatioun vun de Liwwerzäiten an der Uelzechtstrooss wäert sou geplangt ginn dass een an eiser Akafsstrooss gemittlech ka flanéieren. D'Iddie vu **Parklet** (Parkplaz fir z.B. eng temporär Terrassen oder Jardins éphémères) genee wéi **temporär Spillstroossen** an de Quartier'en während dem Summer si weider Upassungen zum Verkéier an eiser Stad.

D'CSV fuerdert en **Opfangparking** beim Rond-Point Raemerech fir Autofuerer eng Alternativ zu der Parkingsich am Zentrum ze bidden. Fir den Escher Awunnerinnen an Awunner entgéint ze komme proposéiert d'CSV Esch d'Méiglechkeet mat senger **Vignette résidentielle** fir eng Stonn gratis an engem anere Quartier vun Esch ze stationéieren.

Den Impakt vun engem **30 Minutte Gratisparken am Zentrum** gëtt analyséiert. No enger éischer Analyse vum Parkraummanagement am Joer 2018 muss eng weider an Optrag goen.

D'Mobilitéit ass a bleift multimodal a muss a géigesäitegem Respekt oflafen. Dofir setzt d'CSV Esch sech an.



Ëmweltpolitik vun Haut fir e séchert Moar

Esch huet eng grouss Vergaangenheet, wat d'Ëmwelt- an d'Klimapolitik ugeet. Vun enger fréierer Industrieplaz, mat Schwéierindustrie mat Kaméidi, Stëbs a Kamäiner, huet d'Stad sech positiv weider entwéckelt. Et ass eis wichteg, deen Engagement ze halen a weiderhin als Stad Esch **mam beschte Beispill** a Saache Klimaschutz vir ze goen.

Als Escher CSV si mär eis bewosst, dass mir müssen eis Prioritéiten op **Nohaltegkeet** an **Ëmweltschutz** setzen.

Dofir brauche mär de Wëlle vu jidder eenzelne vun eise Bierger, fir Energie, Klima, Biodiversitéit an déi biologesch Diversitéit op eisem Territoire nach méi flächendeckend ofzesécheren. Genée ewéi e gudd opgestallten Escher **Service écologique** fir d'Stad an hir Leit an hirem Engagement ze ënnerstëtzen.

An eisem **Bauterèglement** wëlle mär nei Usätz schafen. Eis Iddi: op alle neie Baute mat Flaachdiecher soll d'Méiglechkeet bestoen, fir en **Gréngdaach** kënnen unzeleeën. Op allen alen a neien Diecher sollen an Zukunft Photovoltaïque-Anlagen kënnen installéiert ginn. Mär wëllen och proaktiv zu enger besserer Informatioun fir eis Bierger*innen iwwer **Photovoltaïque**, méiglecher Ennerstetzung a Subside bäidroen.

Am ëffentleche Raum sollen méi gréng Ecker an Installatiounen entstoën, fir dass d'Awunner an hire Quartiere genuch **Gréngzonen** hunn, fir sech ze entspannen an och zesummen ze fannen. Si hëllefen och d'Temperature méi niddreg ze halen an zu engem agreabele Klima bäi ze droen.

Eis Naturschutzzonen sollen besicht kënne ginn. Randonnéeën heiranner sollen ugebuede ginn, déi de Mënsch nees méi no bei d'Natur bréngen, wou flott Explikatiounen laanscht de Wee installéiert ginn.

D'CSV setzt op **erneierbar Energien**. Solarenergie, Wandenergie, Waasserstoff, eventuell Biogas an Holzenergie ass lokal nach net genuch implantéiert. D'Escher CSV wëll méi Initiativë lancéieren, fir genau dës Energien ze notzen. Aus enger Etude soll ergoen ewéi e gesonden Mix aus dësen Energien an e liewegen a machbare kommunale Programm integréiert kënne ginn. Eng konsequent Ëmsetzung vun esou engem Programm ass dann de nächste Schrëtt.

Mat der Sudcal a mat aneren Acteuren um Marché solle mär versichen, nei an innovativ **Wärmekonzepter** auszeschaffen, fir dass mär méi ekologesch an ekonomesch heize kënnen.

Mam Sudstrom, deen zu 100% der Gemeng gehéiert, ewéi mat Sudenergie wëlle mär konsequent weider an nei Energien investéieren. Nei Projeten, wéi Wandmillen oder zousätzlech Fotovoltaïque-Anlagen, ewéi nei kreativ Usätz fir d'CO2 Emissiounen erofzedrécke sollen och weiderhin als Chancen wouer geholl an gefërdert ginn.

E Plang fir d'Installatioun vun **Luede-Bornen fir Elektrogefrierer** am öffentlechem Raum soll ausgeschafft, présentéiert an emgesat ginn.

D'**Aspuere vun Energie** ass am Moment vläich déi gréissten Erausfuerderung fir eis als Administratioun an fir all Eenzen. Mäer wëllen de Leit derbäi hëllefen. Dofir wäerte mir eng App entwéckele mat där d'Leit Méiglechkeet hunn, fir hiren Energie- a Waasserverbrauch an Echtzäit ze kontrolléieren an am Bléck ze halen a sou direkt kënnen drop ze reagéieren. Reegelméisseg Sensibiliséierungs-Campagnen sollen des weideren drop hiweisen ewéi Jiddereen selwer privat Energie ka spueren.

Eis ass bewusst, dass d'Reegele vun der **zirkulärer Economie** nach net genuch an eiser Gesellschaft verankert sinn. De Gebrauch vu recycléiertem Material an neiem Material muss sech ergänzen a gefërdert ginn. Et zielt dem Bierger d'Iddi an Initiativen méi no ze bréngen.

D'Engagement vum **SIVEC** sech vun enger Recycling-Zentrum zu engem Ressourcen-Zentrum ze entwéckelen ënnerstëtze mäer konsequent. D'Investitiounen an den Ausbau an d'Weiderentwécklung vum Site, sinn Investitiounen an eis Ëmwelt.



Déiereschutz ass Ëmweltschutz

D'Wuelbefannen an de Schutz vun den Déiere läit der Escher CSV um Häerz. Eise wichtigste Partner, d'**Société Eschoise de Protection des Animaux** (d'Escher Déierenasyl) wëlle mäer dofir verstärkt ënnerstëtzen an zu enger Professionaliséierung vun hirer wichteger Aktivitéit bäidroen. Mat de Besëtzer vun den un d'Déierenasyl ugrenzenden Terraine wëlle mäer ofklären, op weider Aktivitéiten hei kennen entstoën.

An alle Bestoenden, a besonnesch an eisen zukünftege Wunnquartiere solle **Gréngflächen** dem Mënsch mat Déier e gemeinsamen Erhuelungsraum bidden. Op zwou bis dräi anere Plazen uechter Esch, wëlle mär **Laf-Wisen** entstoe loossen op deene Muppen sech auslafen an austobe kennen. Bei der Neigestaltung vun der Uelzechtstrooss soll de Belag esou ausgesicht ginn, dass en muppenfrendlech ass.

Weider Muppetoilettë sollen op passende Plazen opgeriicht ginn. Genee ewéi och Hondskoup-Tuten op d'Dreckskeeschte wou Leit trëppele gehéieren.

Verstärkt wëlle mär d'Umeldung vun den **Hausdéiere** kontrolléieren, fir esou och méi effektiv op Mësstänn kennen ze reagéieren. E Subside fir d'Sterilisatioun an d'Chipe vu Kaze soll agefouert ginn. Organisatiounen déi Déierebesëtzer an der Prekaritéit ënnerstëtzen, wëlle mär eisersäits och an hirem Asaz ënnerstëtzen.

Am Confinement hunn sech Leit en Déier ugeschafft ouni sech der Aufgab bewusst ze sinn. Mär proposéieren d'Aféierung vu **Sensibiliséierungs-Aktivitéiten** ewéi zum Beispill engem Trainingsdag, fir dass Leit déi Loscht op en Déier hunn, ofschätze kennen ewéi en Opwand heimat verbonnen ass. Eng Participatioun un dësen Aktivitéite kéint mat engem Muppen-Führerschäin an der Reduktioun vun der Taxe entlount ginn.

Den Asaz vun ausgebildeten **therapeutischen Hënn** an pedagogeschen oder sozialen Institutiounen ënnerstëtze mär.

Den eestëmmeg gestemmt **Erennerungsbësch** fir Déiere wäerte mär op enger passender Plaz ëmsetzen. D'Erhale vun der héchster Qualitéit an der aartgerechter Haltung am Escher Déierepark ass fir eis eng Selbstverständlechkeet.

Mat modernen Infrastrukturen den Energie- a Waasser-Reseau ofsécheren

Esch huet iwwert 400 Gemengen eegen a Staatsstroossen ze ënnerhalen. Mam Ausbau vun de neie Quartiere „Roud Lëns“ a „Metzeschmelz“ kommen nei Erausforderungen op eis duer.

Beim **Kanal-Reseau** setze mär eis dofir an, fir zousätzlech Gefierer unzeschaffen déi Kanalschächt propper maachen. Ënnert der Leedung vun der CSV gouf e speziellen Asazwon kaf, fir d'Gullie méi séier a méi effikass eidel ze maachen. An Zukunft soll et méi där Gefierer ginn.

Am ënnerierdeschen Deel muss all Reseau seng Plaz fannen, wéi d'Wasserleitungen, d'Stromkabelen, Glasfaser fir den Digitalberäich an de Gaz. Esch huet grouss Réseauxnetzer, déi der Escher Gemeng gehéieren a mer wäerte weider an dës **Infrastrukturen investéieren**.

Esch huet am **Waasserberäich** zwee verschidde Réseaux, ee fir Schmotzwaasser an ee fir d'Reewaasser, dat iwwreg bleift. Dofir brauche mer modern Infrastrukturen, déi ëmmer um neiste Stand vun der Technik sinn.

De neie **Waasserreservoir** um Gaalgebiereg ass mat eng vun eisen Haaptprioritéiten. Mat 11 000 Metercube Waasser setze mer déi éischt Zeechen, fir eng garantéiert Waasserversuergung an eiser Stad. Ënnert der CSV ass de Projet weider gedriwwen ginn an wäert ëmgewandelt ginn. De „**Dënnebesch**“ mat 5000 Metercube Waasser, dee mer zesumme mat der Gemeng Suessem baue loosse soll an der nächster Legislaturperiode Réalitéit ginn.

Mam Label vum Drëpsigold, dee mär an dëser Periode vum Ëmweltministère kruten, gi mer eis net zefridden. Mär versichen d'**Waasserqualitéit** nach ze verbesseren an esou de Drëpsititan ze kréien.

Beim **Stroumreseau** setze mer eis an dat Versuergungsgarantie assuréiert bleift. Dobäi geet et ëm d'Auswäitung vum Entretien an den Maintenancearbechten op eisem Territoire. Des weideren ënnerstëtze mer den Ausbau vum Netz duerch d'Opriichte vun enger drëtter Trafo-Station. Nëmme esou kënne mär dat Escher Stroumnetz am Fall vun enger Panne komplett ofsécheren.

Beim **Glasfaser** baue mär de Reseau weider aus a wëlle garantéieren, dass en um neiste Stand vun der Technik bleift an dass bei der Iwwerdroung vun Daten déi héisch Debit erhale bleiwen.

Am allgemenge **Stroossebau** wäert d'CSV sech asetzen, fir a verschiddene Stroossen den ale Belag ofzedroen a frësch ze maachen, ewéi och fir d'Stroosseninfrastrukturen fir Leit mat Mobilitéitsproblemer unzepassen.

Stabil Finanzen an onsécheren Zäiten

Fir d'CSV baséiert d'Finanz- a Budgetspolitik op zwou Iwwerleeungen. Den **Invest héich hale** fir de Besoin vun allen Escher*innen entgéint ze kommen a fir och all Stad eise Bäitrag ze leeschte fir aus der aktueller ekonomescher Kris eraus ze kommen. Gläichzäiteg **en A op d'Finanzen** halen, fir mat stabille Gemeengefinanzen der Stad hir Zukunft of ze sécheren.

Den Invest héich hale bedeit Scholde fir d'Stad op ze huelen. D'CSV ass awer nëmme bereed des Scholden ze engagéieren fir Projete déi eng Plus-Value fir d'Escher Leit an domadder **en Invest an d'Liewensqualitéit** duerstellen. Eng Scholdespiral fir onnëtz Projete wäerte mär net akzeptéieren.

An dëse Krisenzäiten engagéiere mär eis esouwuel déi **kommend Budgeten**, ewéi och d'Devis'en fir d'Projete nach méi rigouréis op ze stellen. De Budget däerf sech net zu engem Walprogramm vun eenzele Parteien entwéckelen, mee muss eng kloer Oplëschtung vun de Prioritéiten duerstellen. Des Logik soll och de Wee an d'Administratioun fannen, déi agebonne soll ginn an eng Nei-Strukturéierung vun den Ofleef tëschent de Servicer.



*Et gëllt, nach méi ewéi virdrun, bei all Projet och scho beim Lancement all méiglech **Folgekäschte** mat an ze plangen, fir och en gesonden Equiliber am **ordinäre Budget** ze garantéieren. Eng alljërlech detailléiert Analyse vun dësem Deel bitt ass fir eis eng Evidenz. Enner viregte Majoritéite waren d’Gemengen-Steieren en Tabu-Thema. Enger Analyse vun Dësen däerfe mär eis net verschléissen.*

*D’**Personalpolitik** muss am Aklang mat der Finanzpolitik stoen. Genée ewéi mär och konsequent op all national an international Subsiden op déi mär en Urecht hunn, müssen zréck gräifen.*

D’CSV steet fir eng raisonnabel Finanzpolitik. D’Stad Esch muss och hefir stoen!

Méi no! Méi Solidaritéit!

E stuarkt soziaalt Netz

Eng effektiv a koherent Sozialpolitik ass fest verankert an der DNA vun der Escher CSV. Dofir koom et ënner eiser Leedung och net zu engem Stëllstand, mee zu enger iwwerluechter Analysen a **Strukturéierung** vun de soziale Servicer, der sozialer Offer an der sozialer Landschaft vun an an der Stad Esch. Responsabel wëlle mir heirobber opbauen.

Ugefaange Projete wëlle mir an den nächste Méint a Jore fäerdeg stellen. Heizou gehéieren e.a. den neien Foyer fir Obdachloser, deen den **AbriSud** soll ersetzen; ewéi déi nei **Lokaler** fir d'Stemm vun der Strooss an deenen e modernen a wärdigen Sozial-Restaurant soll entstoen.

Den nei kreéierte **Service Streetwork** wëlle mir ausbaue fir esou méi present an den Escher Stroosse kennen ze sinn. E speziellen Aarbechtsgrupp soll Squatts identifizéieren an d'Bewunner heiraus a Strukture begleeden. D'Konzept vum **Housing First** muss an d'Offer vu neie Sozialwunnenge mat afléissen. Eng **Dagesstruktur**, eventuell a Form vun engem Wet-Shelter, respektiv eng Auswäitung vun den Öffnungszäite vu bestoende Servicer, sollen et Persounen a staarker Prekaritéit erméiglechen och den Dag net dohause mussen ze verbréngen.

D'Stad Esch soll alt nees eng Käier Pionéier an engem soziale Beräich ginn andeems si sech als éischt Gemeng en lokalen **Drogen-Preventiounsplang** gëtt.

En Escher **Guide Social**, ënner verschiddenste Formen, soll d'Escher*inne besser iwwer hir sozial Rechter informéieren an de sozialen Acteuren um Escher Terrain esou méi Visibilitéit ginn. Järlech Assises Sociales sollen den Héichpunkt vum Echange tëschent allen sozialen Acteuren um Escher Territoire bleiwen an eng Richtlinn fir d'Gestaltung vun der Escher Soziallandschaft virginn. Reegelméisseg **secteur-spezifesch Versammlunge** sollen zu enger besserer Vernetzung tëschent de Servicer bäidroen an double-emploi vermeiden. An eenzele Fäll, sollen extern sozial Servicer déi dem Besoin vun der Stad Esch entspreche Büro'en fir Permanence zu Verfügung gestallt kréien.

D'Aféierung vum Escher **Observatoire Social** huet et erméiglecht d'Schwieregkeeten an d'Besoinen vun allen Escher*inne méi kloer ze analyséieren. Fir eis muss den nächste Schrëtt doranner bestoen den Observatoire ze institutionaliséieren. Heizou gehéiert et en onofhängegen Experten-Grupp zesummen ze setze fir hir Konklusiounen ze zéien a Recommandatiounen un d'Politik an d'Administratioun ze formuléieren.

En Zesummeliwe vun de Generatiounen

D'Jugend eescht huelen

Déi Jonk hunn ganz besonnesch ënnert de Restriktiounen vun de leschte Jore gelidden. Dobäi kennt den Drock vun enger ongewësser Zukunft déi grad an dësen turbulenten Zäiten op hinne läit. Dofir ass et eis méi ewéi jee wichteg de jonken Escher*innen hir Doleancen eescht ze huelen.

Iwwer 1000 jonk Escher*innen hunn um, ënnert der CSV lancéierten, **Jugendforum** „My Young Esch“ deelgeholl fir hir Kriticken, hir Suergen, awer och hir Iddien ze formuléieren. Verschidde Wënsch hunn schonn de Wee an Decisiounen oder Lokalpläng fonnt; anerer gelt et ze verdéiwen. Des stellen d'Basis fir en neie **Jugendkommunalplang** fir, wou d'Virbereedunge fir d'Ausschaffe stinn, an dee mär mat Abezéiung vun der UniLu, den Acteure vum Terrain an de Jonke wëllen opsetzen.

Eng gutt fonctionnéierend **Jugendkommissioun** muss de stännege Sproochrouer vun der Escher Jugend an hirer Ganzheet ginn. Des Kommissioun muss nei strukturéiert an och opgemaach gi fir Net-Parteivertrieder. Si muss regelméisseg bei all Zorte vu Gemengen-Decisiounen mat Impakt op d'Jugend consultéiert ginn.

D'**Jugendhaus** an de PIJ stelle verléisslech a wichteg Partnere fir d'Gemeng an hire Jugendservice duer. An den neie Quartiere sollen si d'Lokalitéite fir op mannst eng Antenn zur Verfügung gestallt kréien. Den Escher Jugendservice soll sengersäits méi aktiv an der Begleedung vun de Jonke ginn a Projete par rapport zu de groussen Erausfuerdunge vun der Jugend, ewéi zB dem Jugendchômage, erstellen an ëmsetzen oder encadréieren. De preparéierten Ausbau vum **Jugendwunne** soll an den nächste Wochen a Méint ëmgesat ginn. E Konzept fir Generatiounswunnen ausgeschafft ginn.

Multisport-Terrainen an ëffentlech **Fitness-Plaze** stellen eng reell Demande vun de Jonken duer. Op verschiddene Plazen uechter d'Quartiere sollen des Infrastrukturen installéiert ginn.

Mat de Vertrieder vun de **Studenteveräiner** vun der UniLu solle Pisten opgelëscht ginn, fir de Stadzentrum méi attraktiv fir si ze maachen. E Studentebüro, e Studentelokal oder Studenteveräins-Wunnenge kéinten e puer esou Pisten duerstellen.



De Senioren de Stelleväert ginn deem se verdéngt hunn

Aktuell ass een Drëttel vun der Escher Bevëlkerung méi wéi 50 Joer aal. Iwwer Joerzéngten huet sech eis Stad op des Mënsche konnte verlossen. Elo kenne Si op d'Solidaritéit tescht de Generatiounen zielen!

*Eisen **Escher BIBSS** (« Bureau d'Information pour besoins spécifiques seniors »), den op der Place de la résistance ass, couvriert alles, wat de Seniorsberäich ugeet. Hir Aufgaben sinn diversifiéiert, wéi zum Beispill d'Organiséiere vum repas sur roues, dem Téléalarme, der Hëllef beim Ausfëlle vun administrativen Dokumenter, d'Erhale vum regelméissege Kontakt mat de Spideeler , den Alters- a Flegeheimer, dem Familljeministère a mat aner Associatiounen, déi sech ëm d'Wuelbefanne vun eisen eelere Leit këmmere. Dëse Service wäerte mir ausbauen an esou méi no bei d'Seniore an d'Quartiere bréngen.*

*D'Konventioun mat der Croix rouge fir d'Organisatioun vum **Club Senior** wäerte mir verlängere. Iwwert 400 verschidde kulturell a sportlech Aktivitéite fir eelere Leit aus Esch an der Ëmgéigend gi regelméisseg organiséiert. Verdeelung vun der Trimestriel brochure „Club Mosaïque“ wäerte mir weider ënnerstëtzen. Genée ewéi mir och am Kader vum „**Fit 60 plus**“ d'Méiglechkeet sech sportlech ze beweegen a sech fit ze hale wäerte mir weider ënnerstëtzen a weider entwéckelen.*

Och grad eis auslännesch Matbierger dierfen derbäi net vergiess ginn a mir wäerten zousätzlech Efforte maachen, fir se méi mat anzubannen.

D'Escher CSV proposéiert op Esch TV **eng eege Senioresendung**, déi sech eemol an der Woch un eis eeler Matbierger riicht, ze produzéieren. Do fannen si Informatiounen iwwert all Themen, déi se interesséiere kënnen.

Verstärkt sollen **Informatiounsversammlungen** organiséiert ginn mat spezifischen Theme ronderëm Demenz, Alzheimer, Stierfhëllef, Gedächtnistraining an nach vill anere Saachen.

Sport fir d'Leit zesummen ze bréngen

De Sport ass déi lescht 5 ½ Joer hei zu Esch grouss geschriwwen ginn an dat sol och sou weidergoen. Eis Stad entwéckelt sech a grousser Schrëtt deemno muss d'Offer u Sportméiglechkeeten sech natierlech och weiderentwéckelen.

De Sport ass net nëmme gutt fir eis Gesondheet, souwuel physisch wéi och mental, mee hëlleft och bei der Immigratioun, der Inclusioun an dass eis Kanner a Jugendlecher duerch de Sport sozial Kompetenze kréien. Frëndschaften, Kollegialitéit, matenee gewannen awer och verléieren, Respekt virum Géigner hunn, Fairness an Disziplin däerfen zu Esch keng eidel Wieder bleiwen.

Dës Wäerter kréien d'Kanner schonn an der **LASEP** mat op de Wee, am Kader vum „**youth sport, cool sports**“ léieren déi Jugendlech net nëmme nei Sportarten kennen, de Fraesport gëtt zu Esch op deem selwechten Niveau ënnerstëtzt wéi de Männersport, am Programm **Fit 60+** bleiwen eis eeler Matbierger*innen a Form a beim **Handisport** ass Esch zanter Jore Virreider hei zu Lëtzebuerg.

D'CSV setzt sech d'Ziel eng **sportfrëndlech Stad fir all Alterskategorie** ze sinn, wou een all méiglech Sportart mache kann a sou seng Ausdauer, seng Koordinatioun, seng Kraaft, seng Schnelligkeet a Beweeglechkeet kann trainéieren.

Fir awer Sport kënnen ze machen, müssen **modern Infrastrukturen** zur Verfügung stoen. No jorelaangem Stéllstand huet d'CSV Projeten ugestouss déi mir elo wëllen ëmsetzen: mat Amenagementen um Folasterrain souwuel fir de Fussball wéi och fir d'Liichtathletik, mat Neierungen op der Tennisanlag um Gaalgebierg, mat engem fonkelneie Gradin op der Jeunesse (no iwwer 50 Joer), mat enger neier Duebler-Sportshaal plus Büro fir de Service des sports a fir d'Veräiner, engem Médico sportif an engem Restaurant zu Lalleng, neie Multisports-Terrain'en, ...

D'CSV Esch wäert weiderhin Drock maachen, dass sech endlech eppes am Projet oppe **Schwämm ERA** beweegt an den Dram vu villen Escher*innen méiglech gëtt. D'Projet'en vun der **Sportarena** zesumme mam **nationale Sportsmusée** wäerte mir genee wéi de nationalen Tenniscenter mat Anlage fir den Escher Tennisclub an deenen nächste Jore fäerdeg stellen.

Et brauch och en Invest an mënschlech Ressourcen. Eng vun eisen Iddien si **Sportklassen** am Fondamental wou Kanner aus dem Cycle 4 duerch méi Sport gefördert ginn, nom Virbild vum Sportlycée.

Bei der LASEP proposéiert d'CSV Esch dass mat Hëllef vum neie Verkéiersgaart um Plateau Barbourg eng **Vëlosschoul** an d'Liewe geruff gëtt wou d'Kanner vu klengem un d'Vëlosttechnik an d'Verkéiersreegele bäibruecht kréien.

D'CSV Esch freet en neie **Fitnessparcours um Gaalgebierg** an och weider Multisports Terrain'en an de Quartier'en. **Urban Sportanlage** sollen d'Stadtbild op verschiddene Plazen an Esch verännern.

Fir eis Sportveräiner op eng weider Aart a Weis z'ënnerstëtze wëll d'CSV an deenen nächste Joren 2-3 Poste schaffen, déi de Veräiner bei der **administrativer Aarbecht** (Lizenzen, Médico sportif, international Kompetitiounen, asw.) hëllefen an ënnert d'Äerm gräifen.

Finanziell wëlle mir och weiderhin Villes méiglech mache fir dass déi Escher Sportveräiner sécher plangen kënnen.



Eng Kulturstad déi d'Mënsche verbënnt

Duerch Esch 2022 konnt d'Stad Esch sech als Kultur-Stad a Kultur-Acteur an der Groussregioun etabléieren. Déi verschidden nei Kulturhaiser déi hei opgaange sinn, de Kulturentwécklung-Programm, eng sëllegen Institutionen an Acteuren, bilden e stabilt Fundament fir de Stelleväert vun der Kulturstad ze stäerken an d'Potenzial sech weider ze entwéckelen. Virun allem huet Kultur awer e verbannenden an e pedagogesche Charakter. An Kultur investéieren bedeit Mënschen mateneen ze verbannen.

D'CSV sëtzt sech an fir, dass d'Stad Esch endlech säi **Centre Culturel**, mat Raimlechkeete fir Veräiner an engem **multifunktionelle Festsall**. Dëse kéint op der Mëtzeschmelz entstoen. Wann awer eng méi kuerzfristeg Méiglechkeet sech sollt bidden, gëllt et Dës ze notzen. E **Musée iwwer d'Geschicht vun der Stad** Esch soll op der Rouder Lëns entstoen. Hei kann sech eng Synergie mat den neie **Stadarchiven** an der **Fotothéik** entwéckelen, déi fäerdeg gestallt solle ginn. D'Fotothéik wäert den Escher*innen en Abléck a Joerzéngte Stadgeschichte erméiglechen, ewéi awer och d'Garantie seng eegen historesch Fotoen Experten uvertrauen ze kënnen.

Un der Kulturstrategie hält d'CSV fest. Zousätzlech wëlle mir eng **Escher Konscht Biennale** organiséieren an reegelméisseg **Skulpturewee** fir den Héritage vun Esch 2022 ze erhalen.

D'Kulturhaiser solle mat hirem Agenda déi verschiddenst Publiken uschwätzen. Virun allem soll den Accès bei d'Kultur awer fir jiddereen abordabel bleiwen. Béides bedeit fir eis awer och, dass Konscht a Kultur esou oft ewéi méiglech aus den Haiser an den **ëffentleche Raum** solle fir dësen ze beliewen.

Mir wënschen eis och en **Haus vun de Veräiner**, an deier Versammlungen an Aktivitéite kënnen ofgehale ginn. D'Subside fir d'Associatiounen solle favorabel ugepasst ginn an en gemeinsamen Associatiouns-Agenda en place gesat ginn.

Esch huet eng räichhalteg **industriell Vergaangenheet**, déi et heescht ze respektéieren an ze valoriséieren. D'Escher CSV wäert sech weiderhin dofir asetzen, fir des Kultur um Liewen ze halen an d'Escher Industriekultur an der Regioun an am Land ze stäerken.

En Mataarbechter an den Archive soll sech alléng op de Volet vun der Industriekultur spezialiséieren an e **Parcours** duerch d'Stad Esch soll erstallt ginn. Et gëllt weiderhi schützenswäert industriell Gebaier a Gefierer, déi dozou bäidroen eise Passé erkläre ze kënnen, ënner **Denkmalschutz** ze stellen. D'CSV seet Associatiounen am Beräich vun der Industriekultur seng voll Ënnerstëtzung zou.

Chancëgläichheet tescht alle Geschlechter

Eng sëllege Campagnen, Aktivitéiten, Formatiounen an Dokumentatiouns-Aarbechten: déi Escher CSV huet an de leschte 3 Joer bewisen, dass si fir eng oppen, wäitsichteg a modern Genderpolitik steet. Mam Iwwerschaffen an Unhuelen vum **Plan d'action communal pour l'égalité des femmes et hommes dans la vie locale**, gouff am Abrëll 2023 de Grondsteen geluecht fir méi Gläichstellung tëschent alle Geschlechter an domadder verbonnen e méi fairt Zesummeliewen an eiser Stad.

Dësen lokalen Aktiounsplang, mat all senge Mesuren, wëlle mir konsequent emsetzen. E räumlecht Fundament fir d'Emsetzung wäerte mir an der **Maison de la Diversité** leeën. De Chancëgläichheet-Service wäert am fréiere Gerichtsgebäi nei an ugepassten Lokalitéite bezéihen. Donierft gesäit dësen neien Espace och Räumlechkeeten fir Associatiounen mat Engagement am Genderbäich fir, genee ewéi Lokalitéiten fir Aktivitéiten. En theoretescht Fundament fir d'Emsetzung wäerte mir mat engem Gender-Bericht am Kader vum Observatoire Social leeën. Dëse Gender Assessment soll d'Diskriminatiounen tëschent de Geschlechter opzeechnen a benennen fir d'Mesuren ze évalueren an aus ze riichten.

Duerch ugepasste Sensibiliséierungs-Campagnen, Formatiounen an Aktivitéite soll d'Stad Esch och weiderhin zu engem **Mind Change** an der Gesellschaft bäidroen. Well d'Genderfroen jiddereen betreffen, wëlle mir de Fokus drop leeën d'Offer vun den Aktivitéiten esou un ze passen, dass den ugesprachene Publikum sech vergréissert.

Fir mat guddem Beispill fir ze goen, soll den internen Aktiounsplang fir Gläichheet tëscht de Geschlechter op der **Arbechtsplaz Gemeng** Esch iwwerschafft ginn. Eng méi équilibréiert Representatioun tëscht de Geschlechter an Arbeitsmodalitéiten déi et jidderengem erlabe sollen Arbecht a Famill besser mateneen ze verbannen, zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Personalcrèche, sollen heirauser erfirgoen. Dësen Aktiounsplang soll och duerch eng Analyse vun der Verdeelung vun de Responsabilitéits-Posten an enger Gender-Analyse vun eise Räumlechkeeten erweidert ginn.

Häuslech Gewalt däerf keen Tabu-Thema sinn. D'Aktivitéite am Kader vun der Orange Week wäerte mir ausbauen. Kollaboratiounen mat Organisatiounen an Institutiounen déi dese Sujet thematiséiere wëlle mir längerfristeg ausbauen. Selbstbehauptung-Coursen wëlle mir aféieren. Esou ewéi mir d'Unzuel u Sozialwunnéngen fir Fra'en a Kanner déi aus Fraenhäuser kommen erhéige wäerten.



Mat Diversitéit Diskriminatioun ofbauen

D'CSV-Esch steet fir eng Stad an déier all Mensch däerf sinn ewéi en sech fillt an all Mensch däerf gären hunn an wien hien sech verléift. Dofir droen mär mat Houffer den Titel vun der „Rainbow City“ an définéieren eise Territoire als „LGBTQI+ Freedom Zone“.

Soulang Diskriminatiounen, physech a psychech Attacken géint Memberen aus der LGBTQI+-Kommunautéit nach Alldag sinn, setzt d'CSV-Esch sech fir eng Stad Esch an déi sech aktiv heigéint wiirt.

*An der vun eis matgestallter „Maison de la Diversité“ wäerte militant **LGBTQI+ Associatiounen** hir Bureau'en zur Verfügung gestallt kréien, fir vun hei aus kenne ze sensibiléieren an Aktivitéite ze lancéiere. E Reebou-Café soll en éichte Safe-Space duerstellen an d'Kreatioun vu weidere welle mär erméiglechen.*

*Déi spezifesch LGBTQI+ Mesuren am virgestallten Aktiounsplang fir Gläichheet teschent Fraen a Männer wäerte mär emsetzen. Heirobber opbauend, welle mär e **spezifesch LGBTQI+ Aktiounsplang**, zesumme mat de betraffene Associatiounen ausschaffen. E „**Chargé de mission**“ fir d'LGBTQI+ Thematik soll hefir de Service vun der Chancegläichheet verstärken. Zu sengen Aufgaben gellt och en Échange-Grupp fir gudd Praktiken teschent de Gemengeservicer an den Networking mat den Associatiounen ze garantéieren. Spezifesch LGBTQI+ Aktivitéiten sollen esou weiderhin entwéckelt an duerchgefouert ginn.*

Mat externe Partner welle mär eng regelméisseg Collecte vun quantitativen an qualitativen Donnée'en iwwer LGBTQI+ Sujeten duerchféieren. Formatiounen zu dese Sujeten wäerten heizou entwéckelt an fir eis Service ugebuede ginn.

D'**Pride-Woch** ass mettmätlech en festen Bestand-Deel vum Escher Agenda ginn. Mär setzen eis dofir an, dass Esch och weiderhin d'Doheem heivunner bleift.

Respektvolle Ëmgang mat de Reliounsgemeinschaften

D'CSV steet, ewéi keng aner Partei soss, fir de respektvollen Ëmgang mat de Reliounsgemeinschaften. An enger nei aberuffener „**Commissioun des Cultes**“ soll e reegelméisseg Dialog tëschent de Vertrieder vun de Gemeinschaften, de Vertrieder vun de Parteien an der Gemeng-Vertrieder oploos ginn. Als wichteg Acteure vum Zesummeliwwen an der Integratioun kritt de Kulte hir Stemm esou eng wichteg Plaz an der öffentlecher Diskussioun.

Eist Uleies ass et alle Reliounsgemeinschaften erméiglechen hire Glawen an engem **würdegen a séchere Raum** ze praktizéieren. Mär bedauern, dass d'Gemeng ausgeschloss ass bei der Ënnerstëtzung fir d'Erhale vum wäertvolle kulturelle Patrimoine deen d'Kierchen-Gebaier duerstellen. Eng definitiv a fair Klärung vun alle Besëtzverhältnissen tëschent dem Kierchefong an der Stad Esch, soll den Erausforderung vu béide Parteien gerecht ginn. An Zäite vu rem verstärkt opkommenden Antisemitismus, wëlle mär mat klengen baulechen Upassungen d'Sécherheet an der Synagog verbesseren. Beim Plang vun den neie Quartiere sollen och Plaze fir d'Reliounsgemeinschaften virgesi ginn.

Bei Bedarf sollen d'Reliounsgemeinschaften, ewéi zum Beispill déi muslimesch Communautéit fir hir vill Aktivitéiten, och op **öffentlech Gebaier** dierfen zréck gräifen. Fir reliéis Fester soll den öffentliche Raum och weiderhin dierfe genotzt ginn.

Zesumme mat eisen Nopeschegemeinschaften wëlle mär eng Léisung fannen fir et der jüddescher an der muslimescher Communautéit ze erméiglechen, hir Verstärken ugepasst un hir Traditiounen ze begrünnen.

EIS KANDIDATEN!



Georges MISCHO
Député-Maire



Pascal BERMES



Bruno CAVALEIRO
Conseiller communal



Cindy DENUIT



Paul-Marc DREIS



Robert "Bob" Kirsch



Sarah MOREIRA



Jacques MULLER
Conseiller communal



Dejvid RAMDEDOVIC



Manon SCHMIT



Catarina SIMOES
Conseillère communale



Aaliyah SOARES



Sindy STAUTEMAS
ép. WOLF



Annick THIL



Nathalie TORRES



Christian WEIS
Echevin



Max WEISGERBER



Dr. Joy WEYRICH



André ZWALLY
Echevin

Löscht 4



